Ausstellung

Dikrich.

Momentopnam / Instantané

04.–27.03.2022

am Dikricher Kulturhaus
13, rue du Curé, 9217 Diekirch

T: (+352) 80 87 90 - 1
W: www.mhsd.lu
M: info@mhsd.lu



Foto: ©Neckel Scholtus

D'Gemeng Dikrich invitéiert Iech heimat op d'Ausstellung zu hirem Fotobuch **„Dikrich.Momentopnam"**.

D'Kënschtlerin Neckel Scholtus presentéiert hei di interessantste Biller, déi si fir des nei Publikatioun gemaach huet.

Ongewéinlech Momentopname vun der Stad Dikrich, déi Iech mathuelen op eng faszinéierend Visitte duerch eng ganz lieweg a villsäiteg Gemeng.

Auerzäiten: **Dënschdes–Sonndes vun 10–18 Auer**

Neckel Scholtus

Di Lëtzebuerger Foto-Kënschtlerin Annick Sophie „Neckel" Scholtus, déi am ländleche Raum opgewuess ass an zu Dikrich am LCD hiren Ofschlossdiplom op enger „Section artistique" gemaach huet, ass an hirem Liewe scho vill ronderëm komm. No hire Studien zu Montpellier a Paräis hat si schonn eng Hällewull un Ausstellungen queesch duerch Europa, awer och bis a China an op d' Côte d'Ivoire an Afrika. Bekannt gemaach huet sech d'Neckel Scholtus virun allem duerch hire Roulot'ographe, eng riseg „Camera Obscura" Karawann, déi Labo a Kamera zu gläicher Zäit ass. Fir d'Buch „Dikrich.Momentopnam" war d' Kënschtlerin mol nees zu Dikrich ënnerwee an huet hir fréier Lycéesstad aus enger kënschtlerescher Perspektiv beliicht. Fir dëse Projet huet si och mat de Schüler aus dem LCD zesumme geschafft.

VILLE DE DIEKIRCH

MUSÉE d'Histoire(s) DIEKIRCH